# E Summerdag am Waasser

Baggerweieren,
Schwammkleedung a praktesch Hëllefen



# D'Baggerweieren zu Rëmerschen

*Op ronn 25 Hektar fannt Dir hei eng Plaz fir:*

- *ze schwammen an ze sonnen*
- *laanscht d'Waasser ze spadséieren*
- *e Stand-up-Paddle oder e Rudderboot auszeléinen*
- *Gedrénks a kleng Snacks ze kafen*

*Och Hënn si wëllkomm – an engem Beräich, dee speziell fir si ageriicht ass.*

*Am beschten Ticketen online am viraus kafen.*

# Ass d'Plaz fir eis passend?

D'Baggerweieren zu Rëmerschen ginn als barrièrefräi Fräizäitplaz virgestallt. „Barrièrefräi" heescht awer net fir all Persoun dat selwecht.



# Komfort an Zougänglechkeet

Zu Rëmerschen fannt Dir:

- PMR-Parkplazen
- asphaltéiert Weeër an hëlze Steegen bis bei d'Waasser
- accessibel Toiletten, Duschen a Vestiairen
- verschidde Méiglechkeeten, fir an d'Waasser ze kommen: eng flaach Uferzon, Trapen, Rampen, e Lifter oder Buedrollstill
- Waasserspillberäicher
- Méiglechkeete fir eppes z'iessen an ze drénken

# Schwammkleedung mat Opdriff

D’Schwammkleedung vu **PLOUF!** huet integréiert Opdriffselementer. *(maillot de bain flottant)*
Et gi Modeller fir Kanner an Erwuessener.





# Schwammwëndelen, déi net opfalen

Fir Kanner, Jugendlecher oder Erwuessener mat Inkontinenz kënne speziell Schwammwindelen hëllefräich sinn.
D'Schwammkleedung vu **Kiwisto** ass esou entworf, datt de Schutz net direkt wéi eng Wëndel ausgesäit.



# Spezialiséiert Schwammhëllefen

**Theraquatics** bitt verschidde Schwammhëllefen, déi jee no Besoin agesat oder kombinéiert kënne ginn.





# Beispiller – keng komplett Lëscht

Mat PLOUF!, Kiwisto an Theraquatics weise mir Beispiller vu Produiten, déi Familljen hëllefe kënnen.

Et ginn och aner Hiersteller a Léisungen.

HALTO:

- mécht keng medezinesch oder therapeutesch Empfehlung
- wëll keen Hiersteller ausschléissen
- kritt keng Bezuelung fir dës Nennungen
- recommandéiert, Produiten ëmmer no den individuelle Besoinen auszewielen

Wat fir eng Persoun gutt funktionéiert, muss net automatesch fir eng aner passen.

# Wat hëlleft Ärer Famill am Waasser?

*Hutt Dir eng Schwammhëllef oder eng zougänglech Buedplaz entdeckt, déi Dir anere Famillje géift recommandéieren?*

**Zesumme maache mir accessibelt Schwammen méi siichtbar.**

HALTO

CareShare